PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/10/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Energie & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.

Dëse Mount hunn d'Ministère fir Energie an Ëmwelt een éischte Klimamagazine publizéiert. Ënnert dem Numm "CO2OL- Zesumme fir ee gutt Klima" gouf dësen un d'Stéit zu Lëtzebuerg verdeelt. Am Magazine heescht et, "d'Format, d'Gewiicht an d'Säitenzuel stinn optimal am Verhältnis, de Grammage vum Pabeier ass extreem liicht a selbstverständlech e Maximum zertifiéiert mat engem CO2-Foussofdrock vu 86 CO2 g/kg Pabeier."

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi héisch war d'Oplag vun der éischter Editioun vum Magazine?
2. Wéi vill Kilo Pabeier sinn am Kader vun der Hierstellung vum Magazine verschafft ginn?
3. Wéi vill Kilogramm CO2 goufen duerch d'Hierstellung, d'Material an de Versand vun dësem Magazin produzéiert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député